N° 4 4ten Dezember 1941

# De "Freie" Lötzeburger

Mir wölle bleiwe wât mir sin

Telefon : N° 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

C. W. O. II C. 2. G. M. BG 192

*So' secher we' ons d'Bîerger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## ==== N E U O R D N U N G = R A U B O R D N U N G ====

D'Hor stin engem zu Bîerg wann èn he'ert wat an der leschter Zeit virgêt. Weider neischt we' "Raub" an "Terror". Wa mir fre'er gehe'ert hun wat an E'sterreich. Tschechaslowakei a Polen virkom ass,dann hûet mûencherè sech gesot d'Sâch wir iwerdriwen. An haut musse mir all age ston dat et nömmen zevill wo'er ass, well mir gesin datselwegt dagdéleech bei ons. Wo' ass de'Zeit, wo' et gehêscht hûet : Sie sin eso' fein,eso' fröndlech, eso' mane'erlech ? De' commande'ert Mane'eren hun nömmen derzo' gedéngt ons Sand an d'Aen ze strêen. Den Zweck ass e ganz aneren : d'Leid ze verblennen, ze bedre'en, ze bestîelen.

An alle Länner si sie op de' selwegt Mane'er virgângen. Den "Erbfeind" , de Jud , hûet missen den e'schten de Bockel dûerhalen. Hîe krut sei Verme'ge geklaut, e go'f onmiglech gemâcht.

Dûerno ko'm d'Rei un d'Kle'schter, sie go'we geplönnert.
D'Bridder an d'Nonnen go'wen iwer d'Grenz gesat.

Haut kommen d'Geschäftsleid un d'Rei, well do ass och nach mûenech déck Mo'k ze fannen.

Mir können a wöllen hei net all de' lötzeburgesch Geschäftsleid ernimmen de' ,mat engem Fo'ss hannebei , vrun d'Dir gesat si gin . Ower è Fall, dèn elo kûrz virkomm ass, verdéngt ernimmt ze gin. Et handelt sech öm de Colonialwûerenhändler Jang Büchler vun Ettelbréck .

Op Verûerdnong vum Gauleiter Simon vum I4/II/4I sin de Büchler a seng Fra, I Miljo'n Frang gebo'sst gin. Fir wât ? Wegen fortgesetzter Verstösse gegen die Bewirtschaftungsvorschriften und fortgesetzter Preis-überschreitungen.

An der Verûerdnong hêscht et weider : Johann Büchler und seiner Frau ist die Ausübung des Handels mit Colonial- und Farbwaren, technischen Oelen und Fetten auf Lebenszeit untersagt.

Och de Prokurist vum Här Büchler, Albert Friederich, krut eng Bo's vun 30.000 Fr. opgeklakt.

Wat hat de Büchlerègentlech verbrach ? En hat zevill Botter an zevill Hâmen a sengem Geschäft, an dât wor sei ganzt " Verbrîechen " . Hîen a seng Fra kruten 3 Me'nt Duckes an d'Preise kruten....... I Miljo'n.

Wann dè Mann zevill Botter an zevill Hâmen a sengem Buték hat, da stêt seng Strof dach a kengem Verhältnes mat sengem Verbrîechen.Ower am

Naziregime get d'Strof net dem Verbriechen, ma dem Verme'gen ugepasst. A well dem Büchler sei Verme'gen op eng Miljo'n geschat ass gin, go'f hien och eng Miljo'n gebo'sst. An anere Wierder : D'Preisen hun de Büchler rujene'ert, an dat wor hiren Zweck.

Ma dat komescht bei der Sâch ass, dat de Büchler a seng Fra "auf Lebenszeit" kên Handel me' dûerfen ze dreiwen. Nên , wat bilden de' Däpp sech an ? Hu sie nach Hoffnong lâng bei ons können ze bleiwen ?

---

Bei Geléenhêt vun der Ettelbrécker Kirmes wor en Hackenkreizfûendel an d'Uelzecht geheit gin. Fir dat "Verbriechen" hun d'Preise 5 Miljo'ne verlângt.

D'Stad Miersch krut eng Bo's vun 3 Miljo'nen, well och do e Fûendel zerrass ass gin.

An d'Stad Lötzeburg hûet eng Bo's vun I Miljo'n kritt, well e fre'e Mûergen d' " Drei Echelen" ro'd, weiss a blo ugestrach woren.

Des 3 Fäll si mam Fall Büchler identesch. Et hûet sech nömmen drem gehandelt u Geld ze kommen.

" Raub ", weider neischt we' " Raub"

---

---- All Möttele si gutt fir u Gend ze kommen ----

D'Banken an d'Versecherongsgesellschaften gi <u>verstaatlecht</u> an hir Beamten virun d'Dir gesat.

All Geld muss an de Staatsbeidel gon, an......wie beim Weiwâsser ass sént sech dermat.

Kê Wonner dat de' Hären zu Berlin all déck Pänz hun.

---

----- Kûrze Prozess -----

E pûer Bauere vu Rulljen (e klengt Dûerf bei Woltz) si vun "onse Mêschteren" fir IO Jor a Polen geschéckt gin.

<u>Ursâch</u> : Sie haten de Preisen net genug Frûcht a Geme's ausgeliwert.

---

---- <u>Vogel friss oder stirb</u> ----

An enger Versammlong vu Scho'lmeschteren hun d'Preise verlângt dat se sollen d' "Horst-Wessel" Lid sangen. Sie hun et <u>net</u> gedon.

<u>Resultat</u> : Hir Gehälter go'wen em 25 % gekirzt.

<u>So' Scho'lmêchteren gin nach mam gudde Beispill vir.</u>

---

---- We' de Papp , so' de Jong ----

Vrun engem Mo'nt si 1500 Lötzeburger Jonge vun 20 Jor an Deitschland an d' " Arbeitsfront " geschéckt gin. We' sie zesûemen op d'Gare si gângen hu sie hêderhârt de " Feierwon " gesong. Dât hûet d'Preise kache gedon a sie hun d'Jongen opgefûerdert deitsch Lidder ze sangen. Ons Jongen hu sech net op d'Fe'ss triede losst a sie hun d' "Hêmecht" ugestömmt.

We' den Zuch an Deitschland ukomm ass, go'we 400 vun de Jongen arrete'ert a gestroft.

<u>So' Jongen sin nach net zeideg fir an d'Hitler-Jugend.</u>

---

---- Et sin hirer keng ----

Op Verûerdnnng vun onsem sympathesche Gauleiter sin ofgesat

gin :

a) Beamten

Colles Misch, Douanje, Esch a/U.
Peiffer Jang, Jandarm, Lötzeburg
Medinger Jampir, Fîeschter, Monnerech
Bourgeois Anna, Scho'lmêchtesch, Lötzeburg
Elcheroth Joss, Scho'lmêschter, Lötzeburg
Heinen-Letsch Maria, Scho'lmêschtesch, Neidhausen
Thines Ferdy, Scho'lmêschter, Woltz
Burgund Joss, Bre'fdre'er, Re'mech
Fiedler Joss, Bre'fdre'er, Re'mech
Henricy Jampir, Post-Ennerbürochef, Lötzeburg
Schleich Camill, Postcommis, Esch a/U

Op Verûerdnong vun dém selwegten Här sin erausgeheit gin :

b) Geschäftsleid

Hau Pe'ter, Confectio'nsgeschäft, Gre'wemacher
Schmitz Nickela, Chef vum Arbechterconsum, Schöffléng
Bourg Franz, Buchdrécker, Chef vun der Dréckerei Bourg-Bourger, Lötzeburg.

Hutt of viru Leid de' dem Preiss de Bass halen.

---

---- De' fir den Hitler gefall sin ----

Lucas Emil, I9 Jor, Luisenhaff b/Gre'wemacher
Kayser Pe'ter, I9 Jor, Mörsdorf
Grethen Alfred, 22 Jor, Uespelt
Reichling vu Re'den
Hermes vun Ettelbréck

De' 5 bluttjong lötzeburger Zaldoten sin net als "Freiwölleg" gefall. D'Preisen hate sie an eng deitsch Uniform gestach a sie force'ert an de besate Länner Polizeidéngscht ze man. Eso' sin der e pûer vun hinnen a Jugoslawien vu serbesche Patrioten erschoss gin. Et ass ze verston dat de Serb "ro'd" geseit, wann en eng preisesch Uniform vrun d'Ae kritt. Onse Jongen stong et natirlech net op der Stîr geschriwen dat sie Lötzeburger woren.

Jongen, èren Do'd muss de Preiss èn Dag schwe'er bereppsen.

---

(((((((((((( Hei ass London ))))))))))))

Mir wössen all we' an de leschte Me'nt de' Londoner Emissio'nen vum Preiss geste'ert si gin. Wat hûet et dém engen oder dém aneren net Me' kascht d'Stömm vu London ze he'eren an ze verston. Besonnesch de' lötzeburger Emissio'n vu Sondes mûerges hûet ons am mêschten um Hîerz geléen. Et wor ömmer de' de' ons alle Ke'er fir eng Woch getre'scht hûet.

Zönter de I6 ten November iwerdre'gt London seng Emissio'nen och op I500 m lâng Wellen, an elo ass et nês migelech Wûert fir Wûert ze verston, wann de Preiss och schons ugefâng hûet de' nei Wellelängt ze ste'eren.

Lötzeburger, mir zweiwelen net drun dat dir elo all Sondes mûerges ponkt 9 Auer op èrem Poste sitt. Lauschtert op I500 m lâng Wellen.

E Möttel fir d'Parasiten so' vill we' migelech ze verhönneren, ass dèn elei : Ersetzt èr Antenne dûrch d'Ierd (Terre). Oder : Zitt de Stöppchen vun èrer Antenne aus dem Radio eraus, an hâlt de Fanger op d'Lach wo' de Stöppche sto'ch.

---

----- Deitsch Ofkîrzongen ----

An onser N° 3 hu mir îech eng Opstellong gin vun deitschen Ofkîrzongen. Hei fannt dir d'Fortsetzong dervun :

C. W. O. II
C. 2. G. M.

| | | |
|---|---|---|
| F L P | bedeit | Folteranstalt für Luxemburger Patrioten (op lötzeburgesch : Villa Pauly) |
| G B K | " | Gefängnis Belgischer Kommunisten |
| H K P | " | Himmler's Kitzel Pomade |
| K d F | " | Komödianten des Führers |
| L K W | " | Luxemburger Käse Wirtschaft |
| O K W | " | Ostpreussische Knödelersatz-Werke |
| V D B | " | Vereinigung Dummer und Blinder |
| W H W | " | Winzer Hilfs-Werk |
| N S K K | " | Nach dem Saufen Kommt das Kotzen |
| N S D A P | " | Niemand Soll Der Achse Pumpen |

Mir bîeden îech och des Bezêchnongen auswenneg ze le'eren, et sin de' offiziell an ênzeg richteg.

---

## ----- Bre'fköscht -----

Monny vu Gasperech - Mir mâche wat mir können;Get ons Enzelhêten iwer de Fall a vergîesst net ons ze son we'ni et geschitt ass.

Mimy, Useldéng - Lét èr Bre'wen ömmer op de' selwegt Plâtz, mir lossen se all Me'rdes owens do eweghûelen.

L.W.T., Gre'wemacher - Mir kennen èrt patriotescht Gefill.Fûert virun. A Russland fällt den Thermometer am Wanter bis 40 ° önner Null, an da gêt vill Ongeziwer futti.

Kaka, Re'den o/A. - De' Sâch ass net eso' gefe'erlech we' dir mengt.

Ward ro'eg of. - Mir bîeden îech an èrem nächste Bre'f och de Virnûem vum Jong unzegin.

Biriboum, Reims - Merci fir èr 500,- Frang, a merci viraus fir dât wat dir ons nach wöllt noschécken.

J.D.2, Bre'ssel - Er 100,- Frang hu mir kritt.Villmols merci.

---

## ----- Löschtegen Eck -----

### Wann d'Lompen ufänken ze sténken.

Den Hitler, de Goering an de Goebbels so'tzen elo kûrz zesûemen, an haten déck rîeds iwer de Krich dèn hinnen onerwârd Sûerge bréngt. Allen drei hu se lâng Gesîchter gemâcht a frote sech : wat ufänken ?

Du sot op èmol de Goering zum Goebbels : "A wat méchs du dann, Goebbels, wann onst Vollék sech revolte'ert, wa mir onse Päckelche musse mâchen ?" "O",äntwert de Goebbels, "ech si gûer net am Lêd. E Propagandaminister we' ech, dèn 10 Jor Praxis hûet, fönnt iwerall eng Plâtz.Ech gin an Amerika, do erwarde mech de' sche'nsten Engagementer.- A wat denks du dann ze mâchen, Goering ?"

"Ech", äntwert de Goering, "hun alles virberêt. Fra a Kand si schons an der Schweiz. An dèn Dag wo' et hei net me' auszehalen ass fle'en ech no. Mat dém Geld dât ech op d'Seit gelûegt hun, lîewe mir dohannen we' e Kinék, an d'deitscht Vollék kann ons klibberen."

Dan Adolf so'tz do sech ze kräzen, o'ni de Mond opzedin. Du frot de Goering : "An du sés neischt, Adolf ? 't mengt èn de' Sâch ge'f dech net drécken, an du bass dèn dèn am mêschten um Gewössen hûet."

Du fänkt den Hitler un ze lâchen a sot : "Fir wat soll ech mir Kappbrîeches mâchen, mei Fall ass jo gûer net we' èren. Ech brauch net unzedrécken, ech si jo E'sterreicher."

---

N° 3 vun onsem Blad ass um " Stafelter " gedréckt gin.

Belgian War Press